Discours de Monsieur Roland KUHN, Président de la Chambre des Métiers, lors du Pot des Présidents à l'occasion du Nouvel An le mardi, 12 janvier 2010

Madame Françoise HETTO-GAASCH, Minister vun den Classes Moyennes,

Här Claude WISELER, Minister vum Développement durable an den Infrastrukturen,

Madame Octavie MODERT, Minister vun der Culture,

Här Marco SCHANK, Minister vum Logement,

Här Eierestaatsminister Jacques SANTER,

Dir Dammen an Hären Deputéiert,

Här Norbert Norbert GEISEN, President vun der Fédération des Artisans,

Dir Hären Ady KIEFFER a Paul RECKINGER, Eierepresidenten vun der Chambre des Métiers,

Här Georges SCHROEDER, President vum Conseil d'Etat,

Här Serge ALLEGREZZA, President vum Conseil Economique et Social,

Här Henri GRETHEN, Member vun der Cour des Comptes Européenne,

Här Michel WURTH, President vun der Union des Entreprises Luxembourgeoises, an déi aaner Presidenten an Direkteren vun den Organisations-Membres vun der UEL,

Dir Dammen an Hären Direkteren vun den Verwaltungen an den Lycées techniques,

Dir Dammen an Hären Vertrieder vun de Ministèren,

Dir Dammen an Hären Verbandspresidenten,

Dir Hären Vertrieder aus dem Monde bancaire,

Dir Dammen an Hären Memberen

- vum Comité an der Assemblée plénière vun der Chambre des Métiers,
- vum Comité vun der Fédération des Artisans,
- vum Conseil d'Administration vun der Mutualité d'Aide aux Artisans an der Fiduciaire des PME,

Dir Dammen an Hären Direkteren a Mataarbechter vun der Chambre des Métiers, der Fédération des Artisans, der Mutualité d'Aide aux Artisans an der Fiduciaire des PME,

Dir Dammen an Hären vun der Press,

Léif Frënn an Invités'en,

A mengem Numm, an am Numm vum Norbert Geisen, stellvertriedend fir d'Chambre des Métiers an d'Fédération des Artisans, soen ech Iech alleguer e grousse Merci, datt Dir haut bei eis sidd a wënschen Iech an äre Famill'jen ee glécklecht Joer 2010. D'Lëtzebuerger Handwierk wënscht Iech alleguer Gleck, Gesondheet an och soss alles, waat Dir an ärem privaten a berufflechen Emfeld an äre Betriber braucht.

Dëst ass de Moment wou mir eis hei am Haus vum Handwierk ënner Frënn begéinen fir daat lescht Joer Revue passéieren ze loossen an een Ausbléck op daat ze woen, waat virun eis läit. Et ass och de Moment wou mer eis erlaaben, e puer lwwerleeungen unzestellen, wéi mir zu Lëtzebuerg funktionnéieren a mateneen ëmgin.

A Merci och dass Dir déi néideg Gedolt opbréngt fir all Joer, plus au moins, déi selwecht Ried hei nozelauschteren.

Als Préparatioun op den heitegen Daag hun ech emol dem Norbert Geisen, mengem Virgänger dem Paul Reckinger a meng eegen Rieden zënter dem Joer 2000 duerchgelies .... .

Ech krut mäin Verdacht schwaarz op wäiss bestätegt. D'Handwierk priedegt, ech géif baal soen, seit 10 Joer, matt liichten Nuancen, ëmmer daat selwecht.

Mir schwätzen vun der Kompétitivitéit, déi erof geet, vun den administrativen Chargen, déi erop gin. Vun der Konkurrenz, déi méi schaarf gëtt. Vun der Schwieregkeet fir qualifizéiert Leit ze fannen a se ze behaalen. A well mir zu Lëtzebuerg och ko-responsabel fir eisen Sozialsystem sinn, schwätze mer och nach iwwert d'Finanzéierbarkeet vun der Kranken- a Pensiounskeess.

A wa mir besonnesch couragéiert sinn, da soen mer och nach eppes iwwert déi öffentlech Finanzen an iwwer déi batter néideg Strukturreformen, déi mer zu Lëtzebuerg ukënnegen, awer net ëmsetzen.

Dir, Invités'en heibannen, applaudéiert dann. Di eng, well se un daat gleewen, waat mer soen; di aner, aus Héiflechkeet. D'Politik gëtt ons Recht, a besonnesch virun de Wahlen kritt d'Handwierk op d'Schëller geklappt. De Mëttelstand ass d'Réckgrat vun der Lëtzebuerger Economie; mir schaafen Aarbechtsplazen, esou heescht et an den politeschen Rieden.

Daat ass jo schéin a gutt, mee wa mer dann awer de politeschen Alldaag kucken, da musse mer feststellen, dass mir ganz oft, ganz wäit vun deem ewech sinn, waat mer eis selwer virhuelen.

Deen selwechten Ecart tëscht Rieden a Maachen gesäit een och op aneren Plazen ganz däitlech.

Et brauch een just d'Budgetsrapport'en an d'Etat de la Nation-Rieden säit dem Joer 2000 ze kucken. Do steet och ëmmer daat selwecht dran. Mir mussen op d'Finanzéierbarkeet vun eisem Sozialsystem oppassen an op déi öffentlech Finanzen; mir mussen innovéieren an eis adaptéieren; eis Economie méi breed opstellen; eng besser Gouvernance aféieren; eis Bildung verbesseren an d'Problemer esou laang léisen, wéi se nach kleng sinn. (Kleng Remarque:) Mëttlerweil sinn et net méi d'Problemer, déi kleng sinn, mee d'Léisungsméiglechkeeten.

Wann eis dann näischt méi afällt, froen mer e franséischen Economiesprofesser fir eis ze soen, waat mer alleguer scho laang wëssen an trotzdem geet alles weider „wie gehabt".

Daat heescht op der enger Säit, dass mir am Handwierk mat eisen rhetoreschen *„Evergreens"* a gudder Gesellschaft sinn, mee daat heescht op der anerer Säit, dass mir zu Lëtzebuerg en fundamentalen Problem mam Wandel a mat Upassungsprozesser hun.

Mir hun zu Lëtzebuerg e Problem mat Reformen, an déi Behäbegkeet ass Gëft fir eist klengt Land. Daat war net ëmmer esou.

Wéi mäin Grousspapp, och schon en Entrepreneur, e jonke Mann war, do war Lëtzebuerg en Agrarstaat, an ausser der Arbed, der Spuerkeess an e puer Geschäfter an der Groussgaass, gouf et net vill. Mir waren net onbedingt arm, awer och ganz wäit vun der aussergewéinlecher Situatioun ewech, an där mer eis haut nach befannen. Daat sinn eréischt ganzer dräi Generatiounen hier.

Do koumen Leit, déi eng Visioun fir d'Land haaten a si hun mat Engagement a Geschéck de Grondsteen vun eiser Finanzplaz geluecht, besonnesch wéi et mat der Siderurgie erof gaangen ass.

D'SES gouf lancéiert an den ASTRA-Satellit war eisen neien Feierwon. Daat war deemols een enormen Invest an een enormt Risiko. Wann 1989 den éischten Satellit an d'Mier gefall wär anstatt op säin Orbit ze fléien, wär eng Regierungskris net auszeschléissen gewiescht.

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir haaten an hun d'Chance , datt mir un der Spëtzt vun eisem Land ëmmer erëm Leit haaten an hun, déi souwuel Staatsmänner, wéi och Enterpreneuren sin a waren.

Haut ass Lëtzebuerg un engem Punkt ukomm, wou mer nach méi wéi je Entrepreneuren an der Politik brauchen.

Wann ech elo Entrepreneur soen, mengen ech net mech oder meng Kollegen aus dem Entrepreneursverband. Ech mengen Entrepreneur am Sënn vun Upaaken, Gestalten, Chancen erkennen a se ëmsetzen, am Géigensaz zu – verwalten – ofwaarden – aussëtzen .

Dofir mäin Appel, Dir Dammen an Hären Politiker.

Entdeckt den Entrepreneur an Iech! Traut Iech!

Daat ass haut méi wichteg wi je; et ass di lescht Méint oft genuch ënnerstrach ginn, dass Lëtzebuerg mëttelfristeg méi kleng Bréidercher baacken muss. Ausser, jo ausser mir lancéieren een neien Feierwon, mir fannen nei Creneaux'en fir eis Liewensqualitéit ze garantéieren.

Wéi an de 70er Joeren d'Energiekris der Stoolindustrie un de Pelz goung, gouf et eng zart Plänzchen, déi Finanzplaz geheescht huet, an déi d'Relève konnt huelen, wann se da géif gedeien. A si huet gedien – a wéi !

Haut hu mer keng sou eng Plänzchen, an scheinbar maachen mer och alles, fir keng méi ze kréien. Net nëmmen dass mer eis net trauen, mir maachen deelweis och nach alles dofir, fir dass et NET geet. Ech soen nëmmen e puer Stéchwierder, fir ze weisen, waat ech mengen: Verwaltungsopwand, kontradiktoresch Gesetzgebungen, Prozeduren.

Mee leider huet den Entrepreneur an d'Idee vum Entrepreneuriat zu Lëtzebuerg keen gudde Numm.

Mir mussen kucken, datt mer den „Image“ vum Selbstännegen erëm an en positivt Liicht stellen. Mir mussen kucken, wéi mer den jonke Leit erëm Goût un der berufflecher Selbstännegkeet gin. Eleng am Handwierk mussen an deenen nächsten 10 Joer 1500 Betriber iwwerholl gin. Mir kënnen eis net leeschten, déi wirtschaftlech Dynamik zu Lëtzebuerg, och am Mëttelstand, quasi exclusiv an auslännesch Hänn ze leeën, well mir soss riskéieren, dass Décisiounen déi eist Land betreffen, an auslänneschen *Maison mèren* geholl gin, a well mer dann op déi Decisiounen keen Afloss méi hun.

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech haat virdrun gesoot, dass mer als Sozialpartner ko-responsabel sinn fir d’Sozial- an d’Pensiounspolitik. An als Réckgrat vun der Lëtzebuerger Economie sinn eis och déi öffentlech Finanzen net egal.

Et gin am Land Stëmmen, déi mengen, dass eis daat waat passéiert net ze interesséieren huet an dass mer eis do sollen eraus haalen.

Jiddereen därf awer seng Meenung hun. Wann d’Leit, déi Risiko droen, déi Aarbechtsplazen a Räichtum schaafen, näischt méi ze soen hun, respektiv näischt méi därfen soen, kennt bei hinnen e gewëssenen Malaise op. Déi eng paken dann hir 7 Saachen zesummen a gin an en aneren Deel vun der Welt.

D’Handwierk kann a wëll daat net maachen. Mir sinn en Deel vu Lëtzebuerg, a mir wärten daat och ëmmer bleiwen.

En Handwierksbetrib kann een net délocaliséieren. Wa guer näischt méi geet, da verschwennt de Betrib eben, a mat him d'Aarbechtsplazen, d'Steierrecetten an d'Sozialkotisatiounen. An dofir wëllen a mussen mir als Handwierk matschwätzen, wann et ëm Lëtzebuerg geet. A mir wärten daat an Zukunft och maachen, sou wéi mir daat fir richteg fannen.

Well d'Handwierk arbechtsintensiv ass, a well mir der Konkurrenz aus der Groussregioun ausgesaat sin, réagéieren mir natiirlech besonnesch empfindlech op alles, waat d'Organisatioun an eisem Betrib méi schwéier, méi deier, a méi lues mecht.

Där Saachen, déi eis d'Aarbecht an eise Betriber méi schwéier maachen, goufen et an de leschten Joeren ganz vill.

Statut unique, bürokratesch Prozeduren, deelweis onsënneg Oplaagen, déloyal Konkurrenz vun Beschäftegungsinitiativen, Offloss vun qualifizéiertem Personal a Richtung Staat a Gemengen.

D'Wirtschaftskris - an där mir am Moment stiéchen - mecht d'Saach natierlech net méi einfach. Vum Bau, iwwert den Ausbau bis hin zu de Garagisten mecht sech d'Kris bemierkbar. Esouguer an de Sekteuren wéi der Alimentatioun an der Moud, déi normalerweis net esou konjunkurofhängeg sinn, gin d'Geschäfter méi schlecht.

Dir Dammen an Dir Hären,

De Konjunkturprogramm vun der Regierung huet bis elo gehollef daat schlëmmst ze verhënneren. Mir gesin momentan nach net, wéi mer d'Kris, déi elo eréischt beim Handwierk ukennt, iwwerstoen wärten. De Statec schwätzt erëm vu Wuestum, dach därf een net vergiessen, dass mer matt eiser Wirtschaftsleeschtung ënnert dem Niveau vun 2007 leien. Lo kann ech mech net erënneren, dass et eis alleguer 2007 besonnesch schlecht gaange wär. Dofir solle mer och elo net panikéieren, a matt roueger Hand kucken, dass mer eist Land nei opgestallt kréien.

Fir eisen aktuellen Train de vie ze finanzéieren brauchen mer eng Croissance vu 4 Prozent. Zënter 2000 packe mer an der Moyenne 2,5%, wäit ewech vun deem wat mir bréichten. Eis Finanzplaz, déi déi Croissance zu engem groussen Deel erwirtschaft huet, ass ugeschloen. Mir wärten zwar eng attraktiv an aktiv Finanzplaz bleiwen, awer déi säfteg Plus-values'en, un déi mer gewinnt waren, an déi eis Keesen quasi automatesch gefëllt hun, gehéieren der Vergaangenheet un.

Mir mussen eis also erëm op eis ureegen Stärkten besënnen. Mir mussen endlech eppes fir d'Kompétitivitéit vun der ganzer Economie maachen. Mir mussen kucken, dass eis Sozialausgaben bezuelbar bleiwen. Dofir brauche mer eng selektiv Sozialpolitik. Daat huet näischt mat Sozialofbau ze din, mee daat huet domadden ze din, sech der Decken no ze strecken. Daat muss all Betrib maachen, daat muss all Famill maachen. Daat muss och all Staat maachen, wann en net wëll a Schwieregkeeten geroden a wann en net wëll, dass déi nächst Generatiounen dofir bludden mussen.

„Mir sinn net Schold un der Kris“. Daat héiert een am Moment iwwerall, wann driwwer geschwaat gëtt, wéi mer aus der momentaner Situatioun erauskommen sollen. Ganz richteg. Mee, et konnt bis elo awer nach keen mir erklären, wéi dann elo de Lëtzebuerger Bäcker, Garagist oder Entrepreneur déi Finanz- a Wirtschaftskris matverschëllt hätt. Also wir ech och frou, wa géif opgehaalen ginn, d’Betriber an hirer Gesamtheet ze verurteelen. Jo, et ass villes schief gelaaf, mee net onbedingt hei. Jo, et si vill Souen verdengt ginn matt deelweis riskanten Finanzgeschäfter, mee kee wollt op déi Recetten verzichten, an ech ka mech u keen erënneren, och net bei deenen, déi haut jidderengem Lektiounen wellen erdeelen, dass se e spatze Mëndchen gemaach hätten, wann et drëm goung, d’Suen ze verdeelen.

E weesentlecht Element vun dëser Kris ass datt gewësse Leit vill ze vill Muecht haaten, ouni d’Verantwortung fir hirt Handelen iwwerhuelen ze mussen. An daat, Dir Dammen an Dir Hären, daat gëtt et am Handwierk net. Mir sinn responsabel. Owner-manager, sou heescht daat am Fachjargon, an déi haften integral dofir, wann et net opgeet. Daat soll fir d’éischt mol een eis nomaachen.

Dofir sollen mer net elo Zäit verléieren fir no Schëllegen ze sichen; mee mir sollten kucken fir zesummen aus der Kris erauszekommen a nei Zukunftsperspektiven ze kréien.

Et gin och keng zéch Méiglechkeeten fir daat ze maachen. Wann mer gären hätten, dass mer eisen Sozialstaat a senger heiteger Ausprägung behaalen, musse mer fir d’alleréischt mol rëm méi kompetitiv gin. Da musse mer awer och nach kucken, wou mer dann d’Ausgabenentwécklung wëllen a kënnen bremsen, ouni dass mer domatten direkt engem eppes ewech huelen. Et geet mol drëm, fir ofzebremsen!

Mee, am Moment si mer an enger Situatioun, wou gewëssen Kräften all Diskussioun am Volet social zu engem „Tabou“ erklären a sech gläichzäiteg géint all Initiativ wieren, fir d'Kompétitivitéit vum Land ze stärken. Mir därfen net spueren, a mir därfen och net méi schaffen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Och mir am Handwierk mussen eis Hausaufgaben maachen. D'Zäit, wou mer d'Äppel am setzen gepléckt hun, sinn och fir eis eriwwer.

De Client, an daat waat den Client wëll, mussen eis Prioritéiten sinn. Mir mussen den Droit d'établissement nach weider opmaachen.

Wann mer daat net maachen, leeën mer just den eegenen Betriber Steng an de Wee.

Mir mussen nach vill méi op Service setzen, an an deem Beräich vill méi offensiv gin.

Mir mussen d'Groussregioun als eisen natiirlechen Marché gesinn a mir mussen eis och iwwert d'Grenz eraus trauen fir Opträg ze sichen.

Mir mussen op d'Aus- a Weiderbildung vun eise Leit setzen an innovativ sinn.

Mir mussen eis och drop astellen, dass no 2011 déi öffentlech Investitiounen zeréckgefuer ginn.

Eng vun de gréissten Wuestumschancen fir d'Handwierk läit an den Ecotechnologien. E rationellen Ëmgank mat der Energie ass gutt fir d'Ëmwelt an et ass och gutt fir eis Economie, waat an den heitegen Zäiten jo secherlech och eng ganz gutt Nouvelle ass.

Mir schätzen, dass deen Marché een Investitiounspotential vun 200 Milliounen Euro erreechen kéint, waat et de Betriber erlaaben géif, 2.000 zousätzlech Aarbechtsplazen ze schaafen.

Dir Dammen an Dir Häre,

Et géif nach zu vill Dossiers'en Munches ze soen. Mee, ech mengen meng Usprooch war elo laang genuch a mir kennen jo am Gespréich nach déi eng oder aner Idee austauschen. Wichteg ass, dass mer alleguer erkennen, dass et Wéer aus der Kris gëtt. D'Kris ass och an de Käpp! Kommt mir strëppen d'Ärm erop a besënnen eis op eis Stärkten. Kommt, mir stinn zesummen, a kucken dass et erëm no vir geet!

E schlaue Mann sot eng Kéier, dass keen ka sécher sinn, dass alles besser gëtt, wann et anescht gëtt. Sécher wir awer, dass et misst anescht ginn, fir dass et kann besser ginn. Wa mer eis eens sinn, dass sech zu Lëtzebuerg e puer Saachen änneren mussen, wa mer gären hätten, dass mer bleiwen waat mer sinn a behaalen waat mer hun, dann ass de schwéiersten Deel schon baal gepackt.

Op dëser méi optimistescher Note well ech elo schléissen, a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech wënschen Iech, Ären Famillen an och Äre Betriber am Numm vum Lëtzebuerger Handwierk e schéint neit Joer, eng gutt Gesondheet an eng glécklech Hand bei deem waat Dir Iech virgeholl hutt.

Merci.